

150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuurger Land

1. Deel : vun 963 - 1870

D'Onofhängegkeet, esou wéi mer se haut kennen, huet sech zënter 1839 lues a lues entwéckelt. Si as eigentlech e glécklecht Nieweprodukt vun der belscher Revolutioun aus dem Joer 1830.

Bis dohin hat d'Vollek näischt ze bestëmmen. Joerhonnerte laang goufe Land a Vollek vu friemen Herrscher exploitéiert an oft willkürlech regéiert.

Fir dat Wuert Onofhängegkeet besser ze verstoen, musse mir duerfir e kleng Réckbléck an eis Geschicht maachen.

Bekanntlech gët jo den Ardennergrof Siegfried als de Grënner vu Lëtzebuerg betruecht, wéi hien am Joer 963 de Bockfiels mat dem réimesche Kastell "LUCILINBURHUC" drop géint Gidder, déi hien zu Felen hat, mat der Abtei Sankt Maximäin vun Tréier, agetosch huet.

Um Bockfiels huet hien eng nei Buerg opgebaut aus der am Laf vun de Joerhonnerten d'Festung mat der Grafschaft a spéider dem Herzogtum Lëtzebuerg entstane sin.

De Graf Siegfried war de Papp vun engem Grofegeschlecht, wat iwwer d'Haiser Lëtzebuerg-Namür (1136-1247) a Lëtzebuerg-Limburg (1247-1437) bis an dat spéit Mëttelalter eng grouss Roll an der mëtteleuropäescher Geschicht gespillt huet.

Aus dem Haus Lëtzebuerg-Namür huet besonnesch d'Gréiwin Ermesinde ervirgestach (1196-1247). Si as d'Urenkelin vum leschte lëtzebuurger Graf aus dem Ardennerhaus (Conrad II.) gewiescht, a krut dee selwëchte Numm wéi hir Groussmamm, déi an d'Haus Namür abestued war. D'Gréiwin Ermesinde soll nët nëmmen eng flott, ma och nach eng ganz intelligent Fra gewiescht sin. Si war eréischt 10 Joer al wéi hire blanne Papp, den Hari IV. (1136-1196) gestuerwen as, an d'Grofschaft Lëtzebuerg-Namür opgedeelt gouf. Ma duerch bestueden, fir d'éischt mat dem Theobald vu Bar (an engem Kräizzuch ämkom) an, an engem zweete Bestiednes mat dem Walram vu Limburg, huet d'Gréiwin Ermesinde hir Gidder gréisstendeels erëm kritt. Duerch bestuede vun hire Kanner, duerch Handel a Kaf huet d'Ermesinde hir Grafschaft vergréissert. Et war eng vun deene gréisste Gestalten an eiser Geschicht. Si as all Gewaltpolitik aus de Féiss gang a war dem Vollek gutt gesënnt. Si war et, déi di éischt Fräiheitsbréiwer ausgestallt huet. Esou goufen d'Awunner vun lechternach (1236), Didenhuwen (1239) a Lëtzebuerg (1244) fräi Bierger mat verbréifte Rechter awer och festgeluechte Flichten. D'Gréiwin Ermesinde leit an de Ruinen vun dem Klouschter Clairefontaine (fréier Baardebuerg) begruewen. Si hat dëst Klouschter gegrënnt.

Véier Nokommen vun der Gréiwin Ermesinde aus dem Haus Lëtzebuerg-Limburg hun d'Keeserkroun vum "hellege réimesche Räich däitscher Natioun" gedroen (Hari VII., Karel IV., Wenzel II. a Sigismund). Dëst Keeserräich gouf 962 gegrënnt, an den Territoire vun der Grofschaft (a spéiderem Herzogtum) Lëtzebuerg huet duerzou gehéiert. Iwwregens war den deemolege Schlasshär Robert (Robin II.) vun Useldéng ënnert den Zeien, wéi de Grof Hari VII. vu Lëtzebuerg den 28. November 1308 zu Frankfurt um Main däitsche Kinnek gewielt gouf. Am Joer 1310 ass den Hari VII. mat sänge Vasallen an enger Arméi op Roum gezunn, fir do als réimesche Keeser gekréint ze gin. Et war eng Rees mat elauter Kricher an Entbierungen. Op der Rees fir

dohin as séng Fra gestuerwen an op der Reckrees as hien un engem Féiwer gestuerwen (24.8.1313). Den Hari VII. leit am Doum zu Pisa begruuen.

Ma wat déi lëtzebuenger Grofen et méi zu Eire bruecht hun, wat si och méi Sue gebraucht hun !

Dat as mat dem Hari VII. sengem Fils, dem Jhang de Blannen, Grof vu Lëtzebuerg a Kinnek vu Béimen ugang. De Kinnek Jhang (1310-1346) muss ee schroe Kärel gewiescht sin. En huet vill Sue gebraucht, a wou et an Europa gerabbelt huet, do war hien dobäi fir dran ze schloen! Fir u Geld ze kommen huet hien Deeler vu sénger Grofschaft versaat an als Pand gin. De Jhang de Blannen huet awer och gutt Saachen opweises. Esou huet hien den Territoire vu sénger Grofschaft vergréissert, en huet eng Parti Fräiheetsbréiwer ausgestallt an en huet 1340 d'Schueberfouer gegrënnt fir den Handel am Vollek unzekéieren (an der Fouerzäit, déi deemols 8 Deg gedauert huet, haten d'Handelsleit aus allen Häre Länner fräit Geleet fir op Lëtzebuerg ze kommen, an hu keng Steiere brauchen ze bezuelen: et kann ee soen, datt dat déi éischt Foire op lëtzebuenger Territoire war).

De blanne Kinnek as 1346 an der Schluecht vu Crécy an der Normandie, op der Säit vun de Fransouse géint d'Englänner leie bliwwen. Esou onroueg säi Liewe war, esou konnte séng Schanken och laang net déi richteg Rou fannen. 1346 gouf de Kinnek Jhang „rapatriéiert“. Säi Gerëpp läit elo an engem Schräin an der Krypta vun der Kathedral zu Lëtzebuerg. Et ass nach guer net esou laang hir, du huet säi Gerëpp eng Fliegerrees op Prag gemaaht, fir do mat de Schanke vu séngem Fils, dem Karel IV. verglach ze gin.

De Karel IV. (1346-1353) huet net méi zu Lëtzebuerg résidéiert. Hie gouf zu Prag gebueren an huet och meeschtens do gewunnt. Hie war däitsche Keeser, Kinnek vu Béimen a Grof vu Lëtzebuerg. Et soll ee ganz gescheite Mënsch gewiescht sin. Séng Erzéiung hat de Karel IV. um franzéische Kinnekshaf zu Paräis kritt an hie soll fléissend 5 Sproochen geschwat a geschriwwen hin. E wollt näischt vu Krich wëssen. Seng Muecht huet hien duerch raffinéiert Verhandlungen an duerch Bestiednisser vu senger Bridder a spéider vu senger Kanner ëmmer méi grouss gemaaht. De Karel IV. huet aus Prag eng schéi Stad an aus Béimen ee Musterland gemaaht, (an der Tschechoslowakei gët hien haut nach als ee grouse Kinnek veréiert) ma seng Grofschaft Lëtzebuerg huet e vernoléisst an deelweis versat fir u Suen ze kommen. 1353 huet hie séngem jëngere Brudder Wenzel d'Regierung vun der Grofschaft iwwerloss. Am Joer 1354 huet de Keeser Karel IV. aus der Grofschaft een Herzogtum gemaaht, an domat gouf säi Brudder Wenzel deen éischten Herzog vu Lëtzebuerg. Regéiert huet de Wenzel I. vun 1353-1383. Well den Herzog Wenzel I. eng räich Fra bestued hat (et war d'Duechter vum Herzog vu Brabant), konnt hien net nëmmen déi Deeler vum Land, déi säi Papp an duerno säi Brudder versat haten, erëm aléisen, ma doriwwer eraus konnt hie säin Herzogtum nach bedeitend vergréisseren.

Ennert der Herrschaft vum Wenzel I. huet Lëtzebuerg seng gréissten Ausdehnung kannt. Den Herzog Wenzel I. läit an de Ruine vun der Abtei Orval begruuen. Well hie keng Kanner hat, as no sengem Doud d'Herrschaft vu Lëtzebuerg u säi Neveu (dem Karel IV. säin eelste Fils) Wenzel II. iwwergang. De Wenzel II. war du schon däitsche Keeser a Kinnek vu Béimen. Iwwer Lëtzebuerg huet hien als Herzog vun 1383-1419 regéiert. De Wenzel II., och de Liddrege genannt, war ee Sëffer an net kapabel fir ze regéieren. Duerfir gouf hien am Joer 1400 als däitsche Keeser ofgesat. Mat der Herrschaft vum Wenzel II. ass och de Misär vu Lëtzebuerg ugang. Fir senger Leidenschaften kënnen nozegoen, huet hien d'Herzogtum géint Sue versat. Bei sengem Doud as näischt méi zu Lëtzebuerg gang. D'Land war ganz verschëllt. 1410 war säi jëngere Brudder Sigismund däitsche Keeser gewielt gin, an nom Doud vum Wenzel II. gouf de Sigismund och säi Nofolger als Kinnek vu Béimen an Herzog vu Lëtzebuerg. De Sigismund wollt retten, wat nach ze rette war, ma weeder hien nach seng rechtméisseg Nofolger hun d'Suen opbruecht fir d'Herzogtum Lëtzebuerg erëm anzuléisen.

Iwwer de Jost vu Mähren as Lëtzebuerg un d'Elisabeth vu Görlitz komm, wat anscheinend eng richtig Louder war, an nach méi Sue gebraucht huet wéi de Wenzel II., deen d'Herzogtum versat hat. Schlussendlech krut am Joër 1442 de Philipp vu Burgund (en Neveu vum Elisabeth vu Görlitz) Lëtzebuerg als Pand. Fir u seng Rechter ze kommen huet hien d'Herzogtum Lëtzebuerg besat an an der Nuecht vum 21. op den 22. November 1443 huet hie mat sengen Zaldoten d'Festung Lëtzebuerg iwwerrumpelt an ageholl. Bei där Geleenheet as d'Stad verbrannt. (Dat dramatescht Theaterstéck aus dem Joër 1964 vum Tit Schroeder «De Scheffe vum ale Mart» mat dem Wäinhändler, Riichter a Scheffen Jhang Schalop aus der Stad als Haptpersoun erzielt wéi et Stad a Land Lëtzebuerg ëm 1443 ergang ass).

Mat dem Afall vun de Burgunder huet d'Herzogtum Lëtzebuerg opgehale als selbststänneg Staat ze bestoen, an domat huet eng Friemherrschaft ugefang, déi 396 Joër dauere sollt. Vun do un ass d'Geschicht vun eisem Land an der Geschicht vun den Nidderlanden (haut Belgien an Holland) opgang.

Esou huet de Philipp vu Burgund (och de Gudde genannt) nach Holland, den Hennegau, Namür, Brabant a Limburg agehandelt an zesumme mat dem "Duché de Luxembourg" huet hien aus Burgund eng Groussmuecht gemaach, déi vu Bruges aus regéiert gouf. Hien a seng Nokommen hun zu Bruges residéiert.

Iwwert d'Burgunder (1443-1482) koumen d'Nidderlanden duerch Bestiednes un d'Habsburger.

Et war d'Maria vu Burgund, een Enkelkand vum Philipp dee Lëtzebuerg eruewert hat, wat de 14. August 1477 zu Gent mat dem Erzherzog Maximilian vun Eisterräich bestued gouf. Den 29. September 1480 haten se hir "entrée joyeuse" zu Lëtzebuerg, wou se begeeschtert vum Vollek begrüsst gouwen.

Ma déi Schlasshären, déi sech dem Maximilian (spéider däitsche Keeser) sénger Herrschaft net ënnerwerfe wollten, kruten hir Gidder hei zu Lëtzebuerg zerstéiert. Dat war virun allem den Här vu Roudemaacher, deen deemols och Här vun Hesper a vun Useldéng war. Well den Här vu Roudemaacher zu de Franzouse gehalen huet, as déi Hesper Buerg 1481 zerstéiert gin. Déi Useldénger Buerg gouf zweemol zerstéiert, déi éischte Kéier 1483 an di zweete Kéier 1499.

D'Maria vu Burgund as 1482 am Alter vu 25 Joer op der Juegd esou onglécklech vum Päerd gefall datt si un der Folleg vun dësem Accident gestuerwen ass.

200 Joer mi spéit huet de Sonnekinnek Louis XIV op hirem Graaf zu Bruges gesot : „Hei ass den Ufank vum Ongléck tëschent Frankräich a Spuenien“

D'Haus Habsburg huet vun 1482-1555 regéiert an d'Nokommen aus dësem Haus goufen, duerch Bestiednes, d'Begrënner vun der spuenescher Linn vun den Habsburger (de Philipp de Schéinen, Fils vum Maximilian an dem Maria vu Burgund gouf 1496 mat der Johanna vu Kastilien, der Ierwin vum spueneschen Troun, bestued).

Domat ass déi éischt spuenesch Herrschaft ugang, déi vun 1555-1684 gedauert huet.

D'Herzogtum Lëtzebuerg war eng Provënz vun de spuenesche Nidderlanden gin. Spuenien huet an der Zäit oft Krich géint Frankräich geféiert. Dat war d'Ursaach, datt d'Franzosen méi wéi eng Kéier iwwer Lëtzebuerg hirgefall sin. Besonnesch d'Festung Lëtzebuerg war hinnen een Dar am A. Fir Lëtzebuerg war dat eng Zäit vu Misär, Hunger a Krankheet. D'Pescht an d'Cholera hun eist Land deziméiert. Ganz Dierfer sin deemols ausgestuerwen a ni méi bewunnt gin. Méi wi schrecklech war et zum Schluss vum 30-jährege Krich (deen zu Lëtzebuerg 50 Joër gedauert huet), wou d'Söldnertruppen aus ganz Europa duerch Lëtzebuerg gezu sin fir a Frankräich

anzefalen. Ganz Dierfer goufe verbrannt an d'Leit hu sech an de Bëscher misse verstoppen fir hirt Liewen ze retten. Dee schreckleche Misär as 1634 ugang, an huet bis 166 gedauert. Et war déi Zäit wou Lëtzebuerg sech, a senger grousser Nout, ënnert de Schutz vun der Tréischterin gestallt huet. (1666)

Wéi Frankräich a Spuenien du no 24 Joër Krich zwëschenduerch eemol eng Kéier Fridde geschloss hun, et war 1659, du sin déi südlech Gebidder vum "Duché de Luxembourg" mat Didenhuewen,

Montmédy a Marville u Frankräich komm. D'Land gouf déi éischte Kéier gedeelt. Et ware ronn 1.000 km² déi u Frankräich koumen a wou d'Leit besonnesch an der Didenhuewener Géigend, grad ewéi mir, "lëtzebuergesch" geschwat hun. Am Grenzgebitt gët haut nach vereenzelt lëtzebuergesch geschwat ("francique" wéi d'Franzosen dat nennen). Cattenom, wou haut di gréisst Atommeiler aus

Europa stin, huet deemols Kettenhuewen geheescht.

Ma de Fridden huet net laang gedauert, well schon am Joer 1679 sin d'Franzosen erëm an d'Land agefall well se d'Festung Lëtzebuerg de Spuenier wollten ofhuelen. Si haten d'ganzt Land besaat, an tëschent 1682 bis 1684 haten si d'Festung Lëtzebuerg dräimol ënnert dem Marschall Créqui belagert. Déi drëtte Kéier hat de Sonnekinnek Louis XIV säi Festungsspezialist Vauban matgeschéckt. Mat 25.000 Zaldoten (32 Bataillounen Infanterie an 42 Schwadroune Kavallerie) huet de Marschall Créqui, mat der Hëllef vum Vauban, no 5 Woche Belagerung d'Festung geknackt. De 4. Juni 1684 huet de Prince de Chimay kapituléiert (de Prince Chimay war Gouverneur vu Lëtzebuerg). Ir et esou wäit war hat dës Krichsoperatioun 10.000 Doudeger a Blesséierter op deenen zwou Säite kascht. D'Franzosen eleng haten 8.000 Doudeger a Verwonnter ze bekloen.

Et war och bei enger vun deene Belagerungen, wéi am Joër 1683 d'Useldénger Buerg vun de Franzosen zerstéiert gouf (duerno gouf d'Buerg net méi opgebaut).

Déi franséisch Herrschaft huet vun 1684-1698 gedauert. Well d'Populatioun dermoossen deziméiert war (nëmmen 1/3 vun der deemoleger Populatioun hat déi schrecklech Zäit vun 1634-1684 iwwerliewt, huet de Louis XIV., dee 1687 selwer op Lëtzebuerg komm war, masseg Wallounen aus der Lécker Géigend bei äis ugesiddelt fir d'Wirtschaft an den Handel erëm unzekéieren. Bei dëser Geleenheet koume wallounesch Nimm wéi Ansay, Anzia, Chennaux, Crelo, Didier, Godelet, Gratia, Mille, Santer, Tibesart, Tonnar, Wercollier, Worré (fir nëmmen dës ze nennen) an eist Land a sin zënterhir hei doheem.

Duerch een neie Friddensvertrag mat Spuenien am Joër 1698 koom Lëtzebuerg nees ënnert spuenesch Herrschaft. Déi zweet spuenesch Herrschaft huet vun 1698-1714 gedauert.

An der Folleg vun de spueneschen "Erbfolge"-Kricher, déj vun 1701 bis 1714 gedauert hun, a wou Lëtzebuerg erëm drënner ze leiden hat (d'Franzosen sin op een Neits an d'Land agefall awer ouni d'Festung z'attackéieren), sin déi spuenesch Nidderlanden mat dem Herzogtum Lëtzebuerg 1714 un d'Haus Habsburg/Eisterräich komm.

Mat der éisterräichescher Herrschaft, déi vu 1714-1795 gedauert huet, si Fridden an Wuelstand an eist Land agezun. Ee goldent Zäitalter ass ugang, dat gëlt besonnesch fir déi Zäit ënnert der Regierung vun der Keeserin Maria-Theresia, déi och Herzogin vu Lëtzebuerg war (awer Lëtzebuerg ni gesin huet). Et war déi Zäit, wou di schéinste Bauerenhäiser an -häff an eisen Dierfer gebaut goufen, an et haut och nach sin! An der éisterräischer Zäit si vill Tirouler, meeschtens Steemetzer an Handwierksleit, op Lëtzebuerg komm a sin hei bliwwen. Nimm wéi Kintzelé, Mischel a Walch staamen aus där Zäit.

1789 ass déi franséisch Revolutioun ausgebrach, a schon 1794 sin di éischt franséisch Revolutiounstruppen an eist Land agefall an hu schlëmm hei gehaust. D'Kléischer vu Clairefontaine an Orval goufe vun hinne ugestach an zerstéiert. 1795 hun d'Franzosen d'Festung Lëtzebuerg ageholl. Domat ass déi zweet franséisch Herrschaft ugang, déi bis 1814 gedauert huet a vill Leed a Misär iwwert eist Land bruecht huet. Den "Duché de Luxembourg" ass als "Département des Forêts" u Frankräich ugegliddert gin. 1798 ass de Kléppelkrich ausgebrach a bluddeg néiergeschloe gin. Den Napoléon huet vill Zaldote gebraucht. 14.000 jong Lëtzebuerger aus dem "Département des Forêts" goufen agezun a si mat der "Grande Armée" géint Russland gezun. 9.000 vun hinne sin net erëm komm!

Nodeem datt dat franséisch Keeserräich zerschloe war, huet de Wiener Kongress 1815 Europa nei opgedeelt. D'Herzogtum Lëtzebuerg gouf fir d'zweete Kéier verklengert. 2.300 km² mat Biberech (Bitburg) a St. Vith koumen u Preisen. De Räscht vum Territoire ass erëm als Staat proclaméiert gin a krut de Statut vun engem "Großherzogtum". Dee neie "Grand-Duché" gouf Privateigentum vum Oranien-Nassauer Wëllem I., Kinnek vun Holland, a gouf gläichzäiteg an de "Bund deutscher Länder" agegliddert. D'Festung Lëtzebuerg gouf däitsch Bundesfestung a krut eng preisesch Garnisoun. Fir „d'Bundesheer“ huet Lëtzebuerg missen zwee Jéerbataillone stellen, déi zu Dikrech an zu lechternach kasernéiert waren. Déi jong Leit, déi am "Kontingent" gedéngt hun, gouwen duerch d'Lous gezun. Et war d'Zäit vum "Remplassang". (Déi, déi Suen haten, hun ee "Remplassang" bezuelt an an hirer Plaz bei d'Zaldote geschéckt!)

De Grand-Duché gouf als hollännesch Provënz regéiert. Zu dem neie Kinnekräich vun den Nidderlanden (wat mat dem Grand-Duché eréischt 1815 op d'Welt koum), huet deemols och de belschen Territoire gehéiert.

D'Belsch ware net méi mat dem hollännesche Régime zefridde an hun duerch d'Revolutioun vun 1830 een eegent Kinnekräich gegrënnt. Mat Ausnam vun der Stad Lëtzebuerg, bedingt duerch déi preisesch "Bundesbesatzung", hat de ganzen deemolege Grand-Duché sech der belscher Revolutioun ugeschloss, well d'Leit mat dem strengen hollännesche Steiersystem onzufridde waren. Iwwerall hong de belsche Fändel eraus an déi hollännesch Steuerbüro goufen op ville Plaze gesteuert a fitti geschloën. Vun 1831-1839 stong d'Land (mat Ausnam vun der Stad) ënner belscher Verwaltung. Den hollännesche Kinnek war net zefridde, well de Grand-Duché war jo säi Privateigentum.

Duerch Vermëttlung an ënnert dem Drock vun deenen deemolege Groussmächten, déi 1815 Europa nei opgedeelt haten, sin dun tëschent Belgien an dem Kinnek-Groussherzog Wëllem I. Verhandlungen ugang. An der Folleg vun deene Verhandlungen koum de Londoner Vertrag vum 19. Abrëll 1839 zustan. Den „Traité de Londres“ huet tëschent Belgien an dem Grand-Duché, an deelweis och tëschent Holland a Belgien d'Grenzen definitiv festgeluegt. Et gouf regelrecht mat dem hollännesche Kinnek Wëllem I. gefockt. Hie krut Gebidder am Limbureschen (am Virfeld vu Maastricht) géint Gebidder am Lëtzebuergeschen, déi u Belgien koumen (Limburg war jo méi no un Holland wéi Lëtzebuerg). D'Vollek ass iwwerhaupt net gefrot gin. D'Leit haten d'Flemm mat den Hollänner a wollte belsch gin. Un eng lëtzebuergesch Eegestännegkeet huet deemols nach kee geduecht.

Vu Lëtzebuerg huet dat neit Kinnekräich Belgien déi wallounesch Distrikter Marche, Neufchâteau a Virton ganz kritt. Vum lëtzebuergesch-sprochegen Distrikt Arel (zudeen och Useldéng gehéiert huet) koume 16 vu 34 Gemengen u Belgien, eng Gemeng (Guirsch) gouf gedeelt. Vum wallouneschen Distrikt Baschtnech sin zwou Gemengen beim Grand-Duché bliwwen (Bauschelt an Harel). De Rescht, dat sin 32 Gemengen, koumen u Belgien. Bliwwen, als Eigentum vum Wëllem I., ass dat Gebitt wat mer haut "Grand-Duché de Luxembourg" nennen, mat den Distrikter Lëtzebuerg, Dikrech a Gréiwemaacher. Bei der drëtter Deelung vu Lëtzebuerg (dat virun der Deelung 251.700 Awunner gezielt huet), koumen 176.500 Awunner mat 2/3 vum deemolegen

Territoire (4.319 km²) u Belgien. De Rescht, dat sin 2.793 km² mat 175.200 Awunner, krut den hollännesche Kinnek zougesprach, an as domat Lëtzebuergesch bliwwen.

Wa mer haut, 150 Joër duerno zrëckkucken, da kann ee soen datt mat dem "Traité de Londres" vun 1839 de Grondsteen vun eiser Onofhängegkeet, eiser Eegestännegkeet an domat vun eisem Nationalgefill geluegt gouf.

D'Grenze vum Land, déi deemols muenchmol willkürlech queesch duerch d'Gewan gezu goufen, bestin och haut nach.

De Wëllem I. huet vun 1815-1840 regéiert. Vun 1839 un ass et dun och mat de Rechter vum Vollek besser gaang. Besonnesch ënnert dem Kinnek-Groussherzog Wëllem II. (1840-1849) krut d'Volek d'Méiglechkeet fir sech selwer ze regéieren. Déi éischt Verfassung (déi eng "Stände-Versammlung" virgesin hat) huet Lëtzebuerg 1841 kritt, an d'Gemeengegesetz aus dem Joer 1843 war bis den 31. Dezember 1988 a Kraaft! Eréischt am Joër 1988 hun eis Volleksverrieder een neit Gemeengegesetz gestëmmt, wat vum 1. Januar 1989 un's a Kraaft ass. 1848 krut Lëtzebuerg déi zweet Verfassung, 1856 déi drëtt. an 1868 déi véiert, déi mat klengen Ofännerungen bis haut nach ëmmer a Kraaft ass.

Bis dohinner war Lëtzebuerg een aremt Agrarland, wat séng Kanner knaps erhale konnt. An deene meeschte Familljen war de Kannerseege grouss. Sechs, siwen, aacht, ning Kanner pro Famill waren net d'Ausnam, ma souzesoen d'Regel. Haut gët eppes fir d'Kanner gemaach (an neierdénge nawell vill), ma fréier goufe Kanner gemaach an dat ouni Kannergeld oder soss sozial Hëllef! Industrien sin et deemols keng gin, a wann d'Handwierk och grouss geschriwwen gouf, dann hat d'Land awer net genuch Aarbechtsplazen an domat net genuch Brout fir séng Kanner ze ernieren. Et war déi Zäit wou masseg Reklam fir Amerika gemaach gouf, fir d'éischt fir Südamerika a spéider fir Nordamerika. Et si regelrecht Auswanderungsbüroen entstan fir d'Rees an déi "nei Welt" z'organiséieren. D'Virdeeler vun deene frieme Länner an Iwwerséi goufe mat deene schéinste Faarwe gemolt. Esou war et net verwonnerlech, datt fir d'éischt Eenzelner, herno ganz Familljen all hir Habséilegkeete verkaaf hun fir d'Rees iwwer dee groussen Pull kënnen ze bezuelen.

Ganz oft sin déi arem Leit deemols, ouni ee Su an der Täsch, doiwwer ukomm an hu missen ënner onmënschleche Konditiounen schaffen, fir iwwerhaupt kënnen um Liewen ze bleiwen. Dat gëlt besonnesch fir d'Auswanderer no Südamerika, déi do och nach an ee Klima koumen dee se net verdroen hun a meeschtens duerch Krankheet, Nout a Misär ëm d'Liewe koumen.

D'Reese sin och net ëmmer glécklech verlaf. Et ass alt virkomm, datt d'Leit Gauner ënner d'Hänn gefall sin, déi hinne Billjeen vu Schëffsgesellschaften verkaaf hun, déi iwwerhaupt net bestan hun. Wann se dann zu Antwerpen ukomm sin, hu se misse feststellen, datt se ugeschmiert waren a sin dann erëm, ouni ee Su an der Täsch, zrëck op Lëtzebuerg gereest. Esou ass Neibrasilien bei Gréiwels entstan! Do wou nëmme Gestrüpp a Gëns stongen hu se sech Heipe gebaut fir een Daach iwwer dem Kapp ze hun.

Och mat de Schëffsreesen ass et net ëmmer gutt Ausgang. Méi wéi ee Schëff mat Auswanderer drop as ënnergang! Esou wees d'Chronik z'erzielen, datt Enn Februar 1849 een amerikanescht Schëff (wat offiziell 200 Persounen, tatsächlech awer 260 Männer, Fraen a Kanner gelueden hat) mat europäeschen Auswanderer zu Antwerpen a Richtung New York ausgelaf, awer scho virun der englescher Küst gestrand ass an an engem schwéiere Stuurm regelrecht zerschloë gouf. Vun den Auswanderer, wourënner och eng Parti Lëtzebuerger waren, ass nëmme een eenzege mat dem Liewen dovun komm. D'Lëtzebuerger, déi um Schëff waren, sin all ëm d'Liewe komm, ënnert hinnen och ee Possing vun Useldéng. D'Auswanderung an déi nei Welt ass ee besonnescht

Kapitel an der Geschicht vum Lëtzebuurger Land. Et gët kaum eng Famill hei zu Lëtzebuerg, déi net och nach haut Familljerelatiounen an Amerika huet.

Ma elo erëm zréck op Lëtzebuerg.

Wéi 1866 den däitsche Bond opgeléisst gouf, ass Lëtzebuerg deem neien "Norddeutschen Bund" net méi bäigetratt. Doropper hin wollt de franséische Keiser Napoléon III. dem hollännesche Kinnek Wëllem III. (1849-1890) Lëtzebuerg ofkafen. Et gët vun en etlech honnerttausend Gulde geschwat, déi den hollännesche Kinnek offréiert krut. No der franséischer an der belscher Press aus der Zäit war Enn März 1867 Rieds vun engem Kafpräis vun 100 Mio. Frang !

Ma den däitsche Kanzler Bismarck war net mat deem Handel averstan. De Franzose war déi mächtig Festung Lëtzebuerg, déi nach ëmmer eng preisesch Garnisoun mat 4.000 Zaldoten hat, nees ewéi schon esou oft een Dar am A. Fir de Friden ze erhalen ass zu London vum 7. bis den 11. Mee 1867 eng Konferenz vun den europäischen Groussmuechten aberuff gin, nodeem Frankräich de 14. Abrëll 1867 erklärt hat op Lëtzebuerg ze verzichten, wann déi preisesch Garnisoun ofgezu géng gin. Den 11. Mee 1867 gouf dun dee sougenannten "éiwegen Neutralitéitskontrakt" ënnerschriwwen. Dëse Kontrakt huet virgesin, datt d'preisesch Garnisoun ofgezun an doropper hin d'Festung geschlëift misst gin. Weider gouf Lëtzebuerg fir "éiwegen" neutral erklärt a ënnert de Schutz vun deene Muechte gestallt, déi de Kontrakt ënnerschriwwen haten (England, Eisterräich, Italien, Frankräich, Preisen, Russland, Holland a Belgien). Eng grouss Roll bei dëse Verhandlungen huet Russland gespillt. D'Prinzessin Amalia (d'Fra vum Prinz Hari, dem hollännesche Kinnek-Groussherzog Wëllem III. säi Brudder a Stadthalter hei zu Lëtzebuerg) war de 14. März 1867 op Péitersbuerg bei hire Monni den Zar Alexander II. gereest an huet mat Erfolleg deem séng Hëllef gefrot, fir datt Lëtzebuerg als fräie Staat weider bestoë bleiwe soll. Als Merci huet d'lëtzebuurger Vollek der Prinzessin am Stadtpark zu Lëtzebuerg ee Monument opgericht (d'schwaarz Prinzessin).

Déi eenzeg déi net mat der Léisung vu London averstane waren, war de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg. Schon den 3. Mee 1867 gouf eng Drénglechkeetssëtzung aberuff an där de Gemengerot gemenzt huet, wann d'preisesch Garnisoun ofgezu géif gin, da géng dat d'Stad Lëtzebuerg ruinéieren.

Hei een Deel vum Text vun der Petitioun un de Kinnek-Groussherzog, déi den 3. Mee per Acclamatioun eestëmmeg ugeholl gouf :

« En effet, Sire, si la perte de toute garnison, si la démolition de la forteresse, si ces projets qu'on prête aux grandes puissances, devraient se réaliser, il en serait fait à tout jamais de la prospérité de la ville de Luxembourg. Ville exclusivement militaire, toute son existence, tout son développement ont été fondés pendant les six derniers siècles sur la présence d'une forte garnison dans ses murs et sur le maintien de la forteresse. En temps ordinaire, la garnison de Luxembourg s'élevait à 4.000 hommes, tandis que la population civile atteint à peine 13.000 âmes. Ces deux chiffres n'ont certes besoin d'aucun commentaire pour faire apprécier à Votre Majesté l'immensité de nos pertes. Par l'inoccupation de la forteresse, par la démolition de celle-ci, la propriété bâtie baisserait de 50 % de sa valeur, notre classe ouvrière perdrait sa ressource la plus précieuse, notre commerce languirait et dépérirait."

De merkantile Geescht vun de Stater Gemengepolitiker war deemols méi grouss wéi de Patriotismus! D'Entwécklung huet gewissen, datt d'Politiker sech fatzeg versinn haten ! D'Freed war grouss zu Lëtzebuerg, wéi d'preisesch Garnisoun ofgezun ass an d'lëtzebuergesch Jéerbataillounen an d'Stad amarschéiert sin. Vun elo un war Lëtzebuerg Här am eegenen Haus. D'Wehrpflicht gouf ofgeschafft an duerch ee Gendarmerie-Corps an eng Fräiwëllegekompagnie ersat. Wa Lëtzebuerg och vun 1867 u politesch näischt méi mat Däitschland ze din hat, sou ass

dach de Grand-Duché am däitschen "Zollverein" bliwwen, (zënter 1842) an dat bis nom 1. Weltkrich. Den Handel mat Däitschland huet geblitt, an et ass ee gewësse Wuelstand opkomm.

De wirtschaftlechen Opschwong ass schon ënnert dem Prënz Hari (dem Statthalter vum Wëllem III.) ugang. 1859 huet den éischte "Feierwon" d'Gare vu Lëtzebuerg verloss (Wilhelm-Luxemburg-Bahnen). An de siwwenzeger Joeren ass d'Attert-Linn (Prinz Heinrich Eisenbahngesellschaft, am Volleksmond kurzëm "de Prënz" genannt) dobäi komm, an huet fir de wirtschaftlechen Opschwong an eiser Géigend, a besonnesch och an eiser Gemeng gesuergt.

Kiirchlech gesin huet de Pobst Pius IX. 1870 aus Lëtzebuerg ee Bistum gemaach (zënter 1988 Erzbistum). Fréier huet dee gréissten Deel vu Lëtzebuerg zum Bistum Tréier gehéiert, an dee nördlechen Deel zum Bistum Léck. Ennert dem Napoléon gouf Lëtzebuerg der Diözes Metz ënnerstallt. Vun 1015 u war Lëtzebuerg en Deel vun der Diözes Namur, awer scho vun 1839 u war d'Kiirch vu Lëtzebuerg direkt dem hellege Stull vu Roum ënnerstallt.

© 2001 Léon Rath